Walfer Foto-Frënn

Clubzeitung

01|12



1. Club News

Alt nees ass e Joer eriwwer a mir kënnen eis mat neier Energie Saache viirhuelen, déi mer dann an den nächste Wochen a Méint ganz heemlech nees vergiessen a frou sinn, datt mer mat kengem iwwer all eis gutt Viirsätz geschwat haten.

Well eise Comité fir 2011 och sou Munneches geplangt hat, dat duerno wéinst dem Wieder oder aus wéi enge Grënn och ëmmer, net ëmgesat konnt ginn, huet e fir 2012 e Programm zesummegestallt, deen all Chancen huet ze gefalen. Fir datt en och an der Praxis wéi geplangt kann ëmgesat ginn, wëlle mer eis déi néideg Mëttele ginn, eis Memberen besser an dat anzebannen, wat am Club passéiert.

Eng gutt Kommunikatioun ass (bal) alles an dofir musse mer eis Internetsäit moderniséieren, fir datt mer ëmmer déi aktuellsten Informatiounen, z.B. wat d'Clubaktivitéiten ugeet, ubidde kënnen. Wann dat alles esou klappt, wéi mer eis et viirstellen, da kënnen sech eis Membere geschwënn a laafend iwwer alles informéieren, wat am Club geschitt.
All Member deen drun interesséiert ass, kann dann och eng eege Fotosgalerie um Site kréien, wou e seng Fotoe selwer (sou ass et geplangt, ma d'Detailler musse mer nach klären) erop luede kann.
Wéi eise Präsident a senger „News" ënner Aanerem schreift, sollen och d'Fotoen vun eisen interne Concouren op d'Internetsäit gesat ginn. Eng interaktiv Säit soll et dann de Leit erméigelechen, hir Meenung zu de Biller ze soen oder Jury ze sinn.

Fir och mol méi punktuell kënnen Informatiounen un eis Membere weider ze ginn, behale mer de Wee vun der „Info" per E-Mail bäi.
Proposéiert gouf dann och nach d'Verschécken vun enger regelméisseger „Newsletter" an d'Méigelechkeet, de Memberen eng eventuell Ännerung vum Programm kuerzfristeg per SMS op den Handy de schécken.
Wat aus dësen zwou läschte Propositioune gëtt, gesi mer nach. Jiddefalls erhofft sech de Comité, mat all dësen Ännerungen, d'Fonktionnéiere vun eisem Club verbesseren ze kënnen an de Memberen nees méi Iddi ze ginn, un de Clubaktivitéiten deel ze huelen.

Wat dann elo genau um Menu vun den nächste 6 Méint steet, gesidd dir an dëser „klenger" Ausgab vun der Clubzeitung.
Wann déi nei Homepage operationnel ass an esou fonktionnéiert, wéi mer hoffen, kënnt et sinn, datt déi nächst „déck" Editioun vun der Clubzeitung eng virtuell ass, déi nëmmen nach op der Internetsäit vum Club gelies ka ginn. Déi Décisioun ass awer nach net gefall!

An dësem Sënn an an der Iwwerzeegung, datt 2012 alles (nach) besser gëtt, wënschen ech iech, am Numm vum Comité, vill Gléck am neie Joer, eng gutt Gesondheet an nëmmen nach gutt Fotoen!

De Sekretär,

2. Interne Concours

Am Comité vum 31. Oktober 2011 hu mir zesumme beschloss fir nëmme méi all 2 Joer een interne Concours mat Ausstellung vun de Fotoen ze maachen an eis an däer Zäit op aner Aktivitéiten ze konzentréieren. Eisen interne Concours wëlle mir awer ënnert enger neier Form bäibehalen, an zwar an deems mir Iech 2 Sujet'en am Joer virschloen wou déi fotografesch Resultater dann entweder vun enger externer Jury (wéi mir et bis elo haten) oder awer vum Publikum iwwer eisen Internet Site bewäert ginn.
Mir hu fir de Moment 4 Sujet'en erausgesicht, an dat sinn:
1. PINK (d'Faarw)
2. NUETSFOTOEN
3. LIICHT A SCHIED
4. DÉIEREN
Är Fotoen zum éischte Sujet wäerte mir Iech fir de Mäerz oder Abrëll 2012 froen, déi aner sollen dann an engem Rhythmus vu 6 Méint nokommen.

3. Fotosausstellung am Haus am Becheler

Am Haus am Becheler zu Bäreldeng hu mir zanter enger Rei Joren eng sougenannten permanent Fotosausstellung, bei däer mir fir d'läscht ufanks 2011 een Deel vun de Fotoen erneiert hunn. Mir wëllen dës Ausstellung am éischten Trimester 2012 komplett frësch maachen, an zwar mat Fotoen, déi bei eelere Leit méi Uklang fannen, d.h. Déieren, Blummen a Landschaften. Well eis Biller jo op 3 Etagen hänken, hate mir eis virgestallt fir op all Stack eng komplett Serie vun engem vun den 3 Sujet'en opzehänken. Dat géif eis dann och erméigelechen, d'Fotoe Stack fir Stack ënnerenaaner auszetauschen.
Fir datt mir mat dësem Projet ukommen, bréngt eis w.e.g. är Fotoen zu deenen 3 Sujet'en (Déieren, Blummen a Landschaften) mat an d'Versammlung vum 23. Januar 2012, an zwar an digitaler Form als Jpeg an der héchst méigelecher Opléisung.

4. Fotoshooting mam Kleeschen :

Well de Kleeschen de 5. Dezember, um Viirowend vu sengem Namensdag, grad an der Géigend war an e bessi Zäit hat, hate mir e bei eis an de Studio invitéiert. Säin Iesel hat en dobaussen um Parking gelooss, dovir awer den Houseker an en Engelche matbruecht.
Déi dräi hu mat Begeeschterung beim Shooting matgemaach an de Kleeschen hat fir all Fotograf eng Tiitchen mat Séissegkeeten an engem Boxemännchen dobäi.
Géint halwer zeng ass de Kleeschen dunn (ouni Boxemännercher) virun op den Härebierg getrëppelt. Säin Engelchen wollt nach weider fotografféiert ginn an ass nach eng déck Stonn méi laang bei eis bliwwen.

Reportage Fotoshooting mam Kleeschen :

Patrick Jenin
Dan Schmit
Patrick Heller

2. Programm bis Juli 2012

09.01.2012: Neijoerschdagspatt
Wéi et schonns laang Joren bei eis Traditioun ass, drénke mer zesummen e Patt op dat neit Joer.

23.01.2012: Ausstellung „Haus am Becheler“ - remise des photos
Fir datt mir eis permanent Ausstellung am Haus am Becheler am März erneiere kënnen, bréngt w.e.g. är Fotoen zu den 3 festgesate Sujet'en (Blummen, Déieren a Landschaften) op CD oder Memory Stick mat an de Club.

13.02.2012: Generalversammlung

27.02.2012: Waasserdrëps 1
Mir wëllen eng Waasserdrëps knipsen, déi aus engem Krunn oder Schlauch an eng Schossel mat Waasser fällt an dofir wëlle mir haut den Owend fir d'éischt de Sujet genee definéieren, kucke wéi mir e kënnen ëmsetzen a wat mir vu Material brauchen, fir en ze realiséieren.

05.03.2012: Expo Haus am Becheler
Mir maachen d'Fotoen fir an d'Haus am Becheler fäerdech a setzen och den Datum fest, wéini mir d'Biller an de Becheler ophänke ginn.

19.03.2012: Waasserdrëps 2
Haut maache mir eis éischt Fotoen, no de Kritären déi mir de 27. Februar festgeluecht hunn.

02.04.2012: Infrarout Fotografie
De Fernand Grasges vum P.C.Ettelbreck hält eis e Workshop iwwer Infrarout Fotografie. Vergiesst äre Fotoapparat net!

16.04.2012: PINK
Bréngt är Fotoen zum Sujet “Pink” mat (CD oder Memory Stick). De Choix vun de beschte Fotoen soll iwwer eis Homepage gemaach ginn.

Sonndes 06.05.2012: Sortie “Infrarout”
Mir wëllen d'Theorie aus dem Wokshop vum 2. Abrëll an d'Praxis ëmsetzen. Wou mir hi ginn fir eis Fotoen ze maachen deele mir Iech mat Zäit mat. Wann dës Sortie stattfënnt, ass Méindes de 7. Mee keng Versammlung. Wann et de 6.5. reent an et ass keng Sortie, maache mir Méindes eng Fotokritik iwwer Fotoen aus Zäitschréften.

20. oder 21.05.2012: Fotokritik
Wann d'Sortie vum 6. Mee an d'Waasser gefall ass, gëtt se Sonndes den 20. Mee nogeholl. Anerefalls ass Méindes den 21. Mee d'Fotokritik um Programm.


04.06.2012: Nuetsfotoen an HDR
Mir fueren um 19:00 Auer op de Kierchbierg Fotoe maachen. Well dëse Quartier vun der Stad vill Méiglechkeeten bitt fir suwuel Nuetsfotoen wéi och HDR Fotoen ze maachen, wäerte mir eis a verschidden Gruppen opdeelen, sou dass herno net jiddereen déi selwecht Fotoen matbréngt. Bei schlechtem Wieder iwwerhuele mir de Programm vum 18. Juni mat de Sujet'en 1 an 2, an verleeën eis Sortie op den 18.06.2012.


18.06.2012: Diskussioun
Mir kucken an diskutéieren iwwer d'Fotoen déi mir vun de Sujet'en “Waasserdrëps”, “Infrarout” an “Nuetsfoto” resp. “HDR” gemaach hunn.

Sonndes 01.07.2012: Sortie “Waasser”
Mir sichen eis eng Plaatz wou mir kënnen Laangzäitbeliichtungen vu fléissendem Waasser maachen. Uschléissend gi mir zesummen e Maufel iessen.

















Impressum Impressum Impressum

Editeur: Walfer Foto-Frenn

Redaktioun:
Patrick Heller
Guy Rehlinger
Luc Ramponi

Layout:
Luc Ramponi

Copyright: WFF 2012



Walferdange
Port Payé

PS/633

Editeur responsable:
Walfer Foto-Frënn
B.P. 72
L-7201 WALFERDANGE
www.wff.lu
info@wff.lu
Parution:Périodique